

Eis Kolleegin Ferny Nicklaus-Faber ass de 4. Dezember am Alter vu 86 Joer gestuerwen. Hirer ganzer Famill wëll ech am Numm vun der Chamber eist déift Matgefill ausdrécken. Ech géif Iech bidden, ee Moment opzestoen, fir der Verstuerwener eng lescht Eier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

5. Changements de composition de délégations luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, hunn ech follgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe ersetzt d'Madamm Stéphanie Weydert den Här Max Hengel als Membre suppléant.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'Union pour la Méditerranée ersetzt den Här Max Hengel d'Madamm Stéphanie Weydert als Membre suppléant.

An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée interparlementaire Benelux ersetzt d'Madamm Claire Delcourt d'Madamm Liz Braz als Membre suppléant.

An der Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional ass den Här Jeff Boonen net méi Membre suppléant.

A schliisslech an der Délégation auprès de la Conférence interparlementaire pour la PESC et la PSDC gëtt d'Madamm Barbara Agostino effektive Member.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, dat ass net de Fall. Dann ass dat och esou decidéiert.

6. Désignation d'un membre du Conseil national des finances publiques (CNFP)

Mir designéieren haut de Mëtten och e Member fir de Conseil national des finances publiques. Laut Artikel 157 vum Chambersreglement ginn d'Membere vun der Chamber op Propos vun der Conférence des Présidents hin designéiert. D'Présidentekonferenz proposéiert d'Madamm Isabelle Goubin als Kandidatin. D'Reglement gesäit vir, datt den Artikel 7 (5) kann ugewannt ginn, ausser et freet een Deputéierten e Vott heibannen.

Well mir ee Kandidat fir de Posten hunn, kann den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement applizéiert ginn. De Paragraph 5 vum Artikel 7 gesäit vir, datt, wann et sou vill Kandidaten gëtt, wéi Posten ze vergi sinn, d'Chamber op eng Ofstëmmung verzichte kann. Deemo géif d'Kandidatin zum Member vum Conseil national des finances publiques proklaméiert ginn.

Ass d'Chamber domat averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren? Ech géif déi bidden, déi domat averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

An d'Géigeprouf: eng Abstentioun?

Dann ass déi Saach kloer: Domat ass dann d'Madamm Isabelle Goubin zum Member vum Conseil national des finances publiques proklaméiert.

7. 8257 – Projet de loi approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la vingtième reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement (AID)

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8257 iwwert d'Aktualiséierung vun de Lëtzeburger Engagementen bei der AID. An AID heescht „Association internationale de développement“. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, déi verschidde Fraktiounen respektiv Sensibilitäten hunn alleguer fénnef Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här André Bauler, den Här Franz Fayot an d'Madamm Sam Tanson. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Maurice Bauer. Här Bauer, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer haut eng ganz grouss Eier a Freed, fir dierfen als Rapporteur den éischte Projet de loi vun dëser Legislaturperiod ze presentéieren; e Projet, wou Lëtzebuerg sech vu senger schéinsten Säit weist, nämlech andeems eist Land sech solidaresch weist an deenen äermste Länner vun der Welt hëllef. Et geet dobäi ëm de Projet de loi 8257, wou et drëms geet, fir Lëtzebuerg bei der 20. Reconstitution vun de Ressourcen vun der Association internationale de développement, kuerz AID, matzemaachen duerch eng Contributioun vun 61,21 Milliounen Euro via d'Emissioun vun engem sougenannte „billet à ordre“ oder „promissory note“.

An Zäite vu grouse geopolitischen Onrouen an Onsicherheit ass et ëmsou méi wichteg, an dëser Situatioun engere sou wichteger internationaler Organisatioun wéi der AID ze hëllef an esou hir Ressourcen ze stäerken. Déi international Entwécklungsassociatioun AID ass zesumme mat der Banque internationale pour la reconstruction et le développement Deel vun der Weltbank. Si gouf 1960 gegrënnt mat dem Zil, déi 76 ärmste Länner op der Welt bei hirer wirtschaftlecher a gesellschaftlecher Entwécklung ze ënnerstëtzen.

Wat elo speziell d'Reconstitution AID-20 ugeet, esou steet dës ënnert dem globalen Theema vun „Reconstruire en mieux après la crise : vers un avenir vert, résilient et inclusif“. Déi rezent Reconstitution AID-20 ass am Mäerz 2022 ofgeschloss ginn an huet en neie Rekordvolumen vun insgesamt 93 Milliarden Dollar mobiliséiert, 11 Milliarde méi wéi bei der leschter Reconstitution vun 2020. Déi 93 Milliarde setze sech zesummen aus de Contributiounen vun den eenzelne Länner fir e Montant vun 23,5 Milliarden, Eegecontributiounen vun der Weltbank, Remboursementen an dem weidere Finanzement iwwert d'Kapitalmäert, wou et interessant ass ze notéieren, dass all d'Emissiounen, déi d'AID bis elo gemaach huet, op der Lëtzeburger Bourse cotéiert sinn – eng gutt Noriicht fir d'Lëtzeburger Finanzplatz!

Dank dësem innovativen an hybride Finanzéierungsmodell vun der AID, deen der Organisatioun den Triple-A an niddereg Zenssätz garantéiert, ass et méiglech, méi wéi dräi Euro ze mobiliséieren pro investéiert Euro vun deenen Länner, déi bei dëser Reconstitution matmaachen.

Mat dësem Programm soll de Finanzement vu Projeten assuréiert ginn iwwert d'Period vu Juli 2022 bis Juni 2025, deen et den äermste Länner vun dëser Welt erlaabt, hir Wirtschaft erëm opzebaue par rapport

zu deenen diverse Krisen, mat deene si konfrontéiert sinn: Klimawandel, Covid-19, Konflikter, Inflatoun, Erhéijung vun der Schold a Crise alimentaire.

A fir en Equilibre ze fannen tëscht der Kontinuitéit vun der AID-19 an enger weiderer Innovatioun mat neien Theemen, gouf fir dës AID-20 decidéiert, op där enger Säit déi véier Spezialtheeme vun der AID-19 ze iwwerhuelen, an zwar de Klimawandel, d'Fragilitéit, Konflikter a Gewalt, de Genre an d'Egalitéit tëscht de Geschlechter an d'Beschäftegung a wirtschaftlech Transformatioun. Op där anerer Säit gouf als neie Spezialtheema de Capital humain mat ënner anerem och dem Handicap identifizéiert.

Lëtzebuerg huet bei allen 19 Reconstitutionen vun der AID bis elo matgemaach an op dësem Wee der AID am Ganze schonn eng 466 Milliounen Dollar Mëttel zur Verfügung gestallt. Dës laangjäregen Engagement vu Lëtzebuerg weist d'Vertrauen an d'AID an d'Weltbank, fir deenen äermste Länner op der Welt op eng effikass, séier an adaptéiert Manéier ze hëllef, an de Wëlle vun eisem Land, fir och weiderhi Responsabilitéit ze iwwerhuelen am Kampf géint d'Aarmut an der Welt.

Mat dësem Projet de loi 8257 gëtt d'Regierung autoriséiert, sech un der 20. Reconstitution vun der AID hire finanzielle Ressourcen ze bedeelegen. Lëtzebuerg hat sech an deem Zesammenhang engagéiert, fir e Montant vun 61,21 Milliounen Euro ze iwwerhuelen. Domadder hält Lëtzebuerg seng Participatioun op engem Niveau vun 0,21 % vun der globaler Enveloppe vun der AID. Dat ass e Plus vu ronn 140.000 Euro am Verglach mat der leschter Reconstitution, déi d'Chamber den 8. Juni 2020 (veuillez lire: de 7. Juli 2020) guttgeheescht huet. Dës Montant vun 61,21 Milliounen wäert iwwert d'Period vun 2024 bis 2031 ausbezueelt ginn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 13. Juli 2023 keng Bemierkungen zum Fong gemaach, en huet just proposéiert, d'Ofkierzung AID bäizesetzen, fir méi kohärent am Text ze sinn, an huet säin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 3. Juli 2023 de Gesetzesprojet approuvéiert an ënnersträicht den Engagement vum Grand-Duché am Kampf géint d'Aarmut an der Welt. Fir weider Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeit. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der Fraktioun vun der CSV erlaben ech mer gläichzäiteg, eisen Accord zu dësem Projet de loi ze ginn. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Bauer. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi schrëftlechen an exzellente mëndleche Rapport. An ech maachen dat am Numm vun Iech alleguer, da brauch dat elo net siwemol repetéiert ze ginn.

(Hilarité)

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Als éischte Riedner ass den honorabelen Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Ech hunn direkt verstanen.

(Hilarité)

Zënter Mäerz 2022 sinn d'Erausforderungen an eiser Welt nach méi komplex a schwierig ginn. Mir liewen effektiv an engem Zenario vu multiple Krisen. Ech

brauch se wierklech net all opzeielen, Dir kennt se. An dës Krisen treffen natierlech och besonnesch déi Äermst op dëser Welt. Et heescht also, mat dësem Aktionsplang, dem AID-20, eng Rëtsch Akzenter ze setzen, wéi zum Beispill d'Investissementen an d'Mënschen, deenen eng Prioritéit ze ginn, also weider an d'Gesondheet, an d'Widerstandsfäegkeet vun den Ernährungssystemer an an d'Education vun de betroffenen Leit ze investéieren.

Wichtig ass och an deem Kontext déi multilateral Approche, déi hei agesat gëtt, déi et eeben erlaabt, fir Synergien ze erreechen a vu Skaleneffekter ze profitéieren. Dës sollen et jo erlaben, fir ze vermeiden, datt Gelder, ëffentlech Gelder, verbëtzt ginn. Et soll also zesumme geschafft ginn an domadder soll eng besser Koordinatioun erreecht ginn.

Eis DP-Fraktioun freet et, datt besonnesch hei an dësem Kontext laangfristeg Ziler sollen erreecht ginn, wéi zum Beispill och, déi digital Fraktur ze reduzéieren an déi sozial respektiv wirtschaftlech Transformatioun ze begënschtigen.

Schlussendlech begrësse mer, datt Lëtzebuerg sech hei erëm op e puer Joer engagéiert, bis d'Joer 2031, an dat mat eebe ronn 61 Milliounen Euro. Grad dëst kontinuéierlecht Engagement gëtt der AID – der Internationaler Entwicklungsassociatioun, fir dat emol op Lëtzebuergesch ze formuléieren – déi néideg Planungssécherheet, fir hir Aktivitéiten kënnen duerchzeféieren.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Franz Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech ganz kuerz faassen. Mir droen dëse Projet de loi och mat. D'AID ass effektiv eng wichteg Institution. Et ass och en Deel vum Finanzministère senger APD, senger Aide publique au développement. An ech mengen, et ass wichteg, fir hei an der Kontinuitéit ze bleiwe vun deem, wat mer scho säit jore maachen, soudass mer hei kënnen eisen Accord ginn. Pour le reste ass alles gesot gi vum Rapporteur an och elo nach vum André Bauler.

Merci villmools.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Fred Keup agedroen. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech mengen, hei gëtt et jo am Fong dräi Äntwerten drop. Entweder et seet een: „Mir ginn ze vill.“ Oder et seet een: „Et ass richtig esou.“ Oder et seet een: „Mir ginn net genuch.“

Hei waren elo all d'Riedner der Meenung, dass dat heite richtig ass, dass mer dat maachen. An där Meenung si mir och, well mir sinn der Meenung, dass et muss eng Solidaritéit ginn an dass dat heiten eng Saach ass, déi elo scho ganz laang leeft an och gutt leeft. An duerfir gi mer eisen Accord hefir.

Allerdéngs si mir jo och der Meenung, dass dat soll ugeréicht gi bei eiser Entwicklungshëllef, d'Kooperationshëllef, an dass mer dann do awer trotzdem och müssen oppassen, dass eise Budget dat ka stemmen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson ageschriwwen. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, ech ka mech och ganz kuerz faassen. Ech mengen, dat gefält Iech, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Jo.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Mir fannen natierlech och, dass dat heiten en extreem wichtige Projet ass a begrëissen d'Kontinuitéit, déi hei un den Dag geluecht gëtt, a wäerten deen heite Projet och matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Sven Clement ageschriwwen. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech mengen, d'AID huet ee grouse Virdeel zu enger ganzer Rëtsch anere Fongen, an dat ass, datt se konkret hir Resultater moossen. A genau dowéinst ass et esou wichteg, datt mer och no 19 Kéiere bei der 20. Kéier derbäi sinn, well eebe grad déi Resultater, déi gemooss goufen, och gewisen hunn, datt se bei de Leit ukommen. Et ass net eppes, wat iergendwou am Elfenbeintuerm gemaach gëtt, mee et sinn Hëllef, déi ganz konkret um Terrain ukommen a wou déi Successstories och beleebbar sinn. An ech mengen, grad dowéinst ass dat heiten e Projet phare vun eiser Entwicklungshëllef a mir sollten deen och weiderhin esou ënnerstëtzen, wéi mer dat maachen.

An dofir ginn d'Piraten och hiren Accord, fir déi 61 Milliounen elo an dee Fong dranzestechen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. An als nächste Riedner ass den honorablen Här David Wagner ageschriwwen. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Och ganz kuerz: Mir wäerten dann och derzou bäidroen, datt deen heite Projet de loi unanime ugeholl gëtt. Mir stëmmen deem zou. A wéi och scho gesot gouf, ass d'AID bekannt derfir, fir awer ganz seriö ze schaffen a verschiddenen Domänen: Enseignement a Landwirtschaft, Santé et cetera. Also eisen Accord hutt Der. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass et elo un der Regierung. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Merci jiddwerengem, a virun allem dem Maurice Bauer, deem säin éischte Rapport an dësem heijem Haus et war, fir säin exzellente Schrëftlechen a mëndleche Virtrag.

Ech soe jiddwerengem Merci fir déi breet Zoustëmmung.

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Loosst Iech net stéieren, Här Finanzminister.

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Kee Problem. Ech soen och jiddwerengem Merci fir déi grouss Zoustëmmung. Dat hei ass, wéi et ënnerstrach gouf, en Akt vu Solidaritéit vu Lëtzebuerg mat deenen ärmste vun deenen ärmste Länner op der Welt. An et ass besonnesch op der COP déi lescht Deeg ënnerstrach ginn, dass Postcovid, Klimawandel an aner Erausforderungen an deene Länner natierlech vill méi e groussen Challenge sinn, wéi dat bei eis zu Lëtzebuerg ass. Dofir sinn déi Suen hei richtig a gutt investéiert.

A fir keen Zweifel opkommen ze loosse a fir och op dat anzugeen, wat den Här Fayot gesot huet: Jo, och déi nei Regierung wäert zu deem Engagement um Niveau vun der Entwicklungshëllef stoen, souwuel wat d'Zilsetzung ubelaangt wéi och, wat de Montant vun deenen Engagementer ubelaangt! An duerfir och dëse Gesetzesprojet. Dat steet also net zur Diskussioun.

Dee Punkt, deen ech nach wéilt ënnersträichen, dat ass, dass dat hei och en Engagement ass, an e weideren Engagement vu Lëtzebuerg um Niveau vun dem Multilateralismus. Firwat? Well mir maachen dat Investissement hei iwwert d'Weltbank, iwwer en Organ vun der Weltbank. Dat ënnersträicht och dat Engagement, dat Lëtzebuerg scho ganz fréi geholl huet, iwwerens no dem Zweete Weltkrich, fir och um Niveau vun internationalen Institutionen seng Engagementer als klengt Land ze iwwerhuelen an och déi Solidaritéit ze weisen, déi néideg ass.

Duerfir merci fir déi grouss Zoustëmmung. Et war och mäin éischte Gesetzesprojet vun dëser Säit an ech hoffen, dass et an där ganzer Serenitéit an deem gудden Dialog esou weidergeet. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Regierung villmools Merci.

An éier mer zum Vott kommen, wollt ech Iech just drun erënneren, datt Der Iech op Ärem Poste sollt aloggen, fir kënnen mat ofzestëmmen, soss geet dat nämlech net.

Wann dat elo vu jiddwerengem gemaach ass, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8257. Den Text steet am Document parlementaire 8257³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8257 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt elo un. Voilà, mir hunn de Quorum erreecht. De Vote par procuration ass och gemaach. Dann ass de Vott heimat ofgeschloss.

An d'Resultat ass dat folgend: present 60, Participants au vote 60. Hei steet: Jo-Stëmmen: 50, Nee-Stëmmen: 4, an Abstentionen: 6. Sou hunn ech op mengem Ecran stoen.

(Brouhaha)

Do ass beim Ecran manifestement eppes schifgaangen.

(Brouhaha)

Och, ech verifiéieren op deem aneren Ecran. Do steet eppes anescht wéi bei mir um Ecran.

Do steet: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a keng Enthaltung. An ech denken, datt dee Vott, wann ech Iech all virdru richtig héieren hunn, déi richtig Ofstëmmung ass. Also, mir huelen déi richtig Ofstëmmung, an dat ass déi, datt de Projet de loi mat 60 Stëmmen, also eestëmmeg, ugeholl ginn ass.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

8. 8289 – Projet de loi relative à l'émission de titres de créance par la Commission européenne dans le cadre de la stratégie de financement diversifiée

Mir kommen also elo zum Projet de loi 8289, deen d'Konditiounen an d'Modalitéite fir d'Emissioun vu Scholdtitelen duerch d'EU-Kommissioun klärt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi verschidde Fraktiounen a Sensibilitéite jee weils 5 Minutten an d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Merci, Här President. An deem Gesetzprojet geet et ëm d'Konditiounen an d'Modalitéiten, wann d'Europäesch Kommissioun Titres de créance erausgëtt vum der Europäescher Unioun oder vum der Europäescher Communautéit fir Atomenergie.

Dës Titres de créance ginn erausginn am Kader vum der Strategie de financement diversifiée a si ënnerleien dem Lëtzebuurger Recht. D'Titré bleiwen am Besëtz vum der Europäescher Kommissioun a si hu keng Kontepartie, wa se geschafe ginn. Dese Gesetzprojet ënnerstëtzt d'Europäesch Kommissioun, fir hir Emprunten an hir Gestiou vum der Schold méi effikass ze maachen.

Doriwwer eraus konsolidéiert dese Gesetzprojet awer och d'Roll vum Lëtzebuurger Recht am Kader vum der Emissioun vum europäeschen Titre-de-crédit. Lëtzebuerg als Finanzplaz an als Sëtz vum den europäeschen Institutiounen gëtt domadder gestärkt.

Wann Der mer et erlaabt, géif ech direkt op de Comptable vum eenzegen Artikel vum deem Gesetzprojet agoen.

Mir ginn der Europäescher Kommissioun hei déi néideg juristesche Sécherheet, fir hir eegen Titren ze halen ab deem Moment, wou se geschafe ginn.

Den Artikel 1300 Paragraph 2 aus dem Lëtzebuurger Code civil gëtt hei ugewannt. Normalerweis erläscht eng Schold, wann eng an déi selwecht Persoun Creancier an Debiteur vum dëser Schold ass. Wann awer d'Schold aus engem Titre besteet, da ginn d'Rechter, déi un deem Titel hängen, suspendéiert, an dat esou laang, wéi den Debiteur selwer am Besëtz vum deem Titre ass. Wann den Titre de Besëtzer wiesselt, dann hält d'Suspendéierung vum der Rechter op.

Et gëtt keng Restriktioun op der Form oder dem Contenu vum dësen Titren.

Dese Gesetzprojet ass wichteg, fir dass d'Europäesch Kommissioun kann hirer Missioun nokommen, fir déi néideg finanziell Fongez ze mobiliséieren.

Här President, dese Gesetzprojet gouf nach vum der viregter Finanzministesch de 4. August 2023 deposéiert. Den Avis vum der Chambre de Commerce ass op de 15. September datéiert a si approuvéiert dese Gesetzprojet.

De Staatsrot huet säin Avis den 10. Oktober erausginn an huet just eng Observation d'ordre légistique a bemängelt, dass d'europäesch Reglement, op dat dese Gesetzprojet sech berëfft, net komplett ausgeschriwwen gouf.

Den 30. November gouf de Gesetzprojet an der zoustänneger Chamberskommissioun virgestallt an ech gouf als Rapporteur genannt. De Rapport selwer gouf den 8. Dezember 2023 ugeholl.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an déi verschidden Avisen, déi virleien, soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Mir soen Iech Merci, Madamm Adehm, fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. An dat maachen ech aus dem selwechte Grond wéi virdrun.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. André Bauler (DP) | Jo, merci, Här President. E vollständige rechtliche Kader a puncto Finanzen ass eng vun de grouse Stärken vu Lëtzebuerg. Dowéinst ass et och begrëssenswäert, dass duerch dese Gesetzprojet en zousätzlech Puzzlestéck derbäikënn.

Andeems dës Titres de créance iwwer Lëtzebuurger Recht ofgewéckelt ginn, gewënnt natierlech och ons Finanzplaz u Stellwäert. Et ass e Schratt, e wichtige Schratt a Richtung vum enger méi diversifizierter an unerkannter, jo, renommierter Finanzplaz.

Dat gesot, wollt ech nach den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vum der Demokratescher Partei, zu deem Projet ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot agedroen. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech kann hei effektiv och ganz, ganz kuerz sinn an och heizou den Accord gi vum der LSAP-Fraktioun.

Dat ass, mengen ech, eng Applikatioun vum der Konfusioun oder éischter eng Aussetzung vum der Konfusioun am Code civil. Dat ass, mengen ech, scho gemaach ginn an der Vergaangenheet, an dat hei ass also en technesch, awer trotzdem wichtige Projet. Dofir gi mer heizou eisen Accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup agedroen. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | De Mikro geet net. Dach, ok. Merci.

Merci, Här President. Jo, engersäits hu mer hei en Text, deen ageet op europäesch Scholden. An ech mengen, als ADR hu mer gesot, dass mer keng europäesch Scholde wëllen a mir halen dat och bäi. D'Tendenz zu méi europäesche Scholden, déi gëtt et a mir wëllen eis dogéint wieren an dofir géife mer hei am Fong an deem Sënn dergéint stëmmen. Dat maache mer awer net, well dat hei ass och eppes, wat eiser Finanzplaz zeguttkënn. An als ADR si mer ëmmer do, fir eis Finanzplaz ze verteidigen. An dofir wäerte mer eis hei am Endeffekt enthalten.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Als nächste Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson agedroen. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, mir ënnerstëtzen dee Projet hei a ginn och dowéinst eis Zoustëmmung. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement agedroen. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Et gëtt Texter, do geet et ëm grouss Politick, do reiwe mer eis u politeschen Differenzen. An da gëtt et Texter, déi hunn esou Technicité, déi sinn esou technesch, dass u sech, also warscheinlech, vun eis 60 heibannen net jiddweree genau versteet, wat mer elo genau maachen.

Dofir war et immens spannend, dass an der Kommissioun ze diskutéieren, well mir hunn immens vill bäigeléiert dee Moment, wéi mer do souzen. A mir si souguer bis zréck an Artikelen vum Code civil wulle gaangen, déi mer an der Finanzkommissioun éischter rar kucken. An dofir fannen ech et ëmmer ganz flott, och déi technesch Dossierer awer zumindest unzschneiden heibannen.

Vum Fong hier gouf schonn alles gesot, ech kann Iech just soen: Och technesch Dossierer sinn heiansdo wichteg, fir dass mer weiderkommen. An dofir ginn ech mat Plesier den Accord vun eis dräi Piraten. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här David Wagner agedroen. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir wäerten hei och eisen Accord zu deem Projet de loi ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

D'Regierung, den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Jo, merci, Här President. Merci fir d'éischt der Presidentin vum der Finanzkommissioun an der Rapportrice, dem Diane Adehm, fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. A virun allem och merci fir déi der breet Zoustëmmung zu deem Gesetzprojet.

Et ass richteg gesot ginn: Et ass en technesch Gesetzprojet! Mee d'Konfusioun am Code civil, dass ass e weesentleche Prinzip vum den Obligatiounen, dass heescht, vum Obligatiounsrecht. A wat hei geschitt, dass ass, dass mir eng Ausnam maachen zu deem Prinzip, fir der Europäescher Kommissioun an doriwwer eraus der Europäescher Gemeinschaft et ze erlaben, fir Scholdtitren ze emettéieren, ouni dass se muss engem Drëtten déi aushändegen. Well, wéi d'Konfusioun dat virgesäit, kann een net selwer Schold maachen an als Creancier déi Schold selwer halen. Dat wier am Business e bëssen ze einfach.

Ech wëll awer drop agoen, dass iwwert dat eraus, wat jo eng technesch Approche ass, et hei ëm Weesentleches geet. Hei geet et drëm, dass d'Europäesch Unioun kann e sougenannte „Plan de relance“ opleeë vu 750 Milliarden Euro. Ech wëll dat eng Kéier soen: 750 Milliarden Euro! Dat geet bis zur Ënnerstëtzung vun all deene Mëttelen, déi breet parteilech – zumindest hei zu Lëtzebuerg – gedroe ginn an an der internationaler Staatgemeinschaft, fir ënner anerem der Ukrain kënnen ze hëllefen an och fir déi Dynamik ze kréien an der Relance no Covid, no Energiekris, fir de Marché an der Europäescher Unioun erëm un d'Lafen